



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Déi nei Formatioun vum „Bachelor en Formation Pédagogique« (BFP) riicht sech u Studente mat engem Bachelor aus engem Domaine „touchant à l'éducation“, déi sech iwwer dee Wee déi noutwendeg zousätzlech didaktesch a pedagogesch Qualifikatioun verschafe wëllen, fir am „Enseignement fondamental“ (Cyclen 2 bis 4) dierfe Schoul ze halen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister mech driwwer opklären, ob nach eng Gesetzesännerung muss virgeholl ginn, fir dass déi uewe beschriwwen zukünfteg Enseignanten zum staatleche Concours fir de Rekrutement vum Léierpersonal fir d'Grondschoul kënnen zougelooss ginn?
- Wa jo, wéi eng Ännerungen um bestoenden Text sinn dat a bis wéini sollen déi gemaach sinn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7946 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

No erfollegräichem Ofschloss vun deem neien, vun der Uni Lëtzebuerg ugebuedene Bachelor en Formation pédagogique, deem d'Studente spezifesch op d'Ënnerriichten an de Cyclen 2-4 an de Lëtzebuurger Grondschoole preparéiert, gëtt den Absolventen ee Bachelordiplom ausgestellt, deem dem Niveau 6 vum Cadre luxembourgeois des qualifications (CLQ) entsprécht an d'Inscriptioun an d'Optioun C 2-4 vum Concours, deem den Accès an de Stage vum Instituteur-fonctionnaire reegelt, erméiglecht.

Dëst geet och aus dem Programme d'études ervir, deem d'Zilsetzung vum Bachelor en Formation pédagogique folgendermoossen definéiert: *"The learning outcomes for the requested Bachelor en Formation pédagogique (BFP) are equivalent to those defined for the existing Bachelor en Sciences de l'éducation (BScE) and described in the Leitbild für den Beruf des Lehrers / der Lehrerin. This document is based on the expectations of the MENJE and on international professional standards, and serves as a reference for the internal organisation of both the BFP and BscE."*

Vu déi akademesch Unerkennung vum Bachelor-Niveau, genee wéi déi am Programme d'études beschriwwe Gläichstellung vum Bachelor en Formation pédagogique mam Bachelor en Sciences de l'éducation an déi domat verbonnen explizit pedagogesch an didaktesch Virbereedung vun de Studenten op de Beruff vum Enseignant an der Lëtzebuenger Grondschool duerch d'Uni.lu, ass eng Ännerung vun de besteeënde legalen Dispositiounen an dësem Kontext zum aktuellen Zäitpunkt net néideg.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH